PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

An de leschten Deeg hunn et verschidde Géigende vu Lëtzebuerg mat héije Waasserstänn ze di kritt, besonnesch am Norde vum Land a laanscht der Musel. D'Meteorologe warnen, datt d'Situatioun sech an deenen nächsten Deeg nach verschäerfe kéint. Verschidden Autoritéite wéi d'Police an d'Pompjeeë waren am Asaz, fir Leit aus geféierleche Situatiounen ze retten, wéi rezent zu Perl geschitt. Staarke Reen an domat verbonnen Iwwerschwemmunge wäerten duerch de Klimawandel an Zukunft ëmmer méi heefeg ginn. Et stellt sech d'Fro, wéi d'Regierung op dës Erausfuerderunge reagéiert a wéi eng Moossnamen si geholl huet oder nach wäert huelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname goufen an de betraffene Regiounen ëmgesat, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren an d'Ausmooss vun de Schied ze limitéieren?
2. Wéi koordinéiert d'Regierung hir Reaktioun op d'Héichwaasser mat de lokalen Autoritéiten a mat eisen Nopeschlänner?
3. Wéi eng Hëllef kënne Leit, déi vum Héichwaasser betraff sinn, vum Staat kréien a wéi ginn si iwwert d'Demarchë fir Hëllef ze kréien informéiert?
4. Wéi wäerten d'Erfarunge vun den Héichwaasser-Situatiounen, déi ëmmer méi dacks a méi staark optrieden, an zukünfteg Preventiounsmoossnamen afléissen?
5. Fäert d'Regierung net, datt duerch ëmmer méi heefeg a staark Iwwerschwemmungen no an no den Iwwerschwemmungsrisiko onversécherbar gëtt? Wéi eng Moossname gi geholl fir dëst ofzefiederen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten